# MAACHT MAT BEIM VISION TEST 10/40

Test fir d'Siicht fir Kanner tëscht
**10 a 40 Méint:**

**Dir musst näischt maachen!**

Dir kritt eng Invitatioun mat engem Code geschéckt.

## Kontaktéiert eis wgl. wann:

- Dir keng Invitatioun krut hutt: Äert Kand ass tëscht 12 Méint a 4 Joer al a muss eng natio-nal lëtzebuergesch Identifikatiounsnummer hunn
- Dir schonn eng Invitatioun krut hutt: de Code fir de Rendez-vous ze maachen ass ofgelaf




Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale
Direction de la santé

**Service d'orthoptie**
20, rue de Bitbourg
L-1273 Luxembourg-Hamm

Tel. 24 77 56 78

SOPL@ms.etat.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé


# VISION TEST 10/40

FIR KANNER VUN
**10 AN 40 MÉINT**

## ASS MENG SIICHT GUTT?



**GRATIS**


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

# MAACHT MAT BEIM VISION TEST 10/40

D'Siicht ass ee vun de wichtegste Sënner fir d'Entwécklung vun engem Kand. D'Siicht beaflosst seng motoresch Entwécklung an d'Léieren (Sprooch, Liesen, Schreiwen, asw.).

Ronn 80 % vun den Informatiounen, déi d'Gehier kritt, kommen iwwer d'Aen.

Äert Kand kann lech net soen, datt et net gutt gesäit, well et kennt et net anescht.

Wann eng Behandlung néideg ass, wat se méi fréi ugefaange gëtt, wat d'Chance méi grouss sinn, datt se wierksam ass.



# JO, MEE...

**„Mäi Kand schwätzt nach net, et ass nach ze kleng fir d'Biller ze benennen."**


**Jo, mee...**
et ass net néideg schwätzen ze kënnen, fir d'Aen z'ënnersichen an ze kontrolléieren, ob se parallel sinn. D'Tester sinn dem Alter vum Kand ugepasst.

**„Mäi Kand gesäit all Grimmel um Buedem!"**

**Jo, mee...**
fir dat ze gesinn, geet och ee A duer. Et ass wichteg ze kontrolléieren, ob Äert Kand mat béiden Ae kuckt. Wann ee A net benotzt gëtt, entwéckelt sech d'Siicht op deem A net normal.

**„Hatt gesäit all Fliger um Himmel!"**

**Jo, mee...**
e Fliger gesinn heescht net, dass een d'Form erkennt. Nëmmen en Test vun der Siicht ka feststellen, ob e Kand e Bréll brauch.



# PASST OP D'WARNZEECHEN OP!

Waart net op eng Invitatioun fir ee Vision test, mee gitt direkt bei en Aendokter, wann Dir Follgendes bemierkt:

- **E wäisse Schimmer am A vun ärem Kand, besonnesch op Fotoen**
- **Keng Reaktioun op visuell Reizer**
- **Rout a wässereg Aen**
- **Äert Kand schielt (nom 4. Mount), egal ob dauernd oder heiansdo**

# NACH FROEN?

**www.santesecu.lu/vision-test**